# Zesummenarbecht am Dingscht vum Kand.

## 30 Joer
## Service Médico - Psycho - Pédagogique zu ESCH

Et war ouni Zweifel eng fortschrettlech Initiative wei d'Stadt ESCH am Joer 1952 dên 1. Service-Médico-Psycho-Pédagogique am Land geschafen huet.

Scho lang haten dê Schoulmeeschteren, dê mat behönnerten oder schwâchen Schüler ze dinn haten, no enger Equipe gefrot dê si an quockelechen Schoul- an Erzéiongsfroen beroden an hinnen höllefe könnten.

Di eischt Equipe huet bestanen aus engem Dokter, én Neuro-Psychiater, enger Psychologin, enger Assistante Sociale an engem spezialise'erten Schoulmeeschter dêi all stonneweis fir de Service geschafft hun. Si goufen önnerstötzt vun engem Grapp voll onermiddlechen Mataar-bechter (Schoulmeeschteren a Léierinnen aus dem Spezial-unterrecht, Dokteren). Di ganz Bewegung ass ervirgang aus dem "Cercle d'études de l'Enfance Inadapté", eng Associatioun dé sech an dér Zeit - an och nach durno - vill mat de Problemer vun de Schoulkanner beschäftegt huet a selbstverständlech och eng ganz Parti Initiativen op dêm Gebitt gehol huet. Di Escher Gemeng huet als éscht am Land op de Virschlag vum "Centre d'Etudes de l'Enfance Inadapté" réage'ert an en Service op d'Been gesat. Wé keng aner Gemeng huet si och derfir gesuegt, dass d'Aarbecht vum Service önnert gudden reimlechen Bedingungen konnt stattfannen an huet Zömmeren am Crèche-Gebei am Lavalspark zur Verfügung gestallt.

D'Aktiviteiten vum Service MPP goufen awer ömmer méi grouss. D'Bedürfnisser u Personal an u Reimlechkeeten